

Rapport RefereesCommission 21 Mäerz 2017

Uwiesend: Geib, Nesser, Keiffer, Weber, Simonelli, Ney, Schmitt

Entschellegt: Karier, Scheuren, Pascalicchio

1. Adoptioun vum Rapport vum 21.02.2017

De Rapport ass approuvéiert.

2. Néi Uniformen

Et sinn nach vill Uniformen an der Federatioun déi mussen ofgeholl ginn. Et ass à priori net méi erlaabt mat den alen Uniformen ze päifen. Kontaktéiert w.e.g. d'FLH (mail@flh.lu oder 485474) fir se sichen ze kommen. (Veuillez faire un rendez-vous pour récupérer vos nouvelles uniformes)

3. Helmut Wille

Och dëst Joer war den Helmut Wille beim Final4 an huet Beobachtungen a Formatioune gemaach. Mir soen him Merci fir seng professionell Aarbecht. Den Helmut Wille huet d'Astellung, de Niveau an d'Organisation vum Arbitrage an der ganzer Organisation vum Final4 an héchsten Téin gelueft. (M. Wille était présent au Final4. Il a fait des observations et formations. Il a félicité la REFCOM et la FLH pour l'organisation professionnelle.)

4. Delegéierte Formatioun

Eng Formatioun fénnt statt den 28.03.2017 um 18h00 an der Maison des Sports. Kandidate bis elo: Arni Biren, Jeannot Ney, Georges Frieden an Adrien Deischter. Et muss een net Arbitter sinn, dir kënnt iech nach bis den 27.03 umellen! De Cours gëtt gehale vum Paul Nesser. (Une formation "délégué" sera organisée le 28.03 à 18:00 à la maison des sports. Délais d'inscription: 27.03.2017)

5. SERPILLEROS an Fiche technique

Leider muss d'REFCOM feststellen, dass dat bei ville Veräiner einfach net klappt. Dofir proposéiert d'REFCOM dem CA fir d'nächst Saison eng Fiche technique an der Sales-Lentz League anzeféieren, op der d'Delegéiert oder d'Arbitter verschidde Mëssstänn ukräizen, déi dann zu eventuelle Bestrofunge féieren. Des Lëscht gëtt de Veräiner op der Assemblée générale présentéiert.(Vu le non-respect des clubs la REFCOM propose d'introduire une fiche-technique à remplir chaque match par le délégué/arbitre en Sales-Lentz League.)

6. Projet "Arbitrage" mat anere Verbänn

Den 20. Mäerz war eng éischt Versammlung zu Monnerech um Site vun der FLF. D'FLH war duerch den Sabien Weber, FrancisKeiffer an Patrick Simonelli vertrueden. Et ass decidéiert ginn eng Campagne op d'Been ze stellen, wou d'FLF, d'FLVB, d'FLBB, d'FLTT an d'FLH zesumme virun allem 2 Punkte wëllen an Ugrëff huelen, de Rekrutement vun néien Arbitteren, an eng Sensibilatioun wat de Respekt vis-à-vis vun

den Arbitter betrefft. E gemeinsame Logo soll entwickelt ginn. D'Campagne soll vun alle 5 Federatiounen och finanziell énnerstëtzzt ginn. Nächst Versammlung ass fir den 25.04 programméiert. Nennenswäert ass nach d'Tatsaach, dass de System vun de "Jeunes Arbitres" och bei anere Federatiounen existéiert. (En commun accord avec la FFL/FLVB/FLBB/FLTT/FLH une campagne de recrutement et de sensibilisation sera lancée prochainement. Un logo spécial sera développé. Le système JA existe aussi dans d'autres fédérations)

7. Headsets

Am Rahmen vum Final 4 ass eng Presentatioun vun néien Headset gemaach ginn. Et handelt sech dobäi em eng Firma déi och néie Partner vun der EHF ass. De Patrick Simonelli huet des Headsets, déi präislech och interessant sinn, getest an ass ganz zefridde mam Resultat. D'REFCOM proposéiert dem CA fir nächst Saison 5 néi Headsets ze kafen, vu dass d'Käschte fir d'Reparature vun dem ale System immense héich sinn. E gëtt versicht en Deel vun de Käschten iwwert e Sponsoring lafen ze loessen.(La REFCOM propose d'acheter 5 paires de Headset pour la saison prochaine.)

8. Néi Regelen ab der Saison 2017/2018 bis Kategorie U17

D'REFCOM proposéiert, dass ab nächster Saison d'Regelen, déi dëst Joer just an der Sales-Lentz League gegollt hunn, fir folgend Kategorien gëllen: SLL, Promotioun, U21 an U17. Dat heescht et sinn 3 Team-Time-Outs méiglech, d'Fuarf vun den Ennerkleeder/Thermoskleeder muss der Haaptfuarf vum Trikot entspriechen an e Spiller deen um Terrain behandelt ginn ass muss 3 Ugrëffer aussetzen. (Le nouveau règlement de cette saison sera appliqué aussi dans les catégories suivantes: SLL, Promotion, U21 et U17. 3 TTO, couleur maillots et sous-vêtements, 3 attaques joueur blessé)

9. Net konformen Terrain

De Patrick Simonelli a Georges Geib hunn déi néi Terrains oofgemooss an e Rapport gemaach. Déi Linnen déi net korrekt waren, musse bis Ufank nächst Saison berichtet ginn, sos däerf do net méi gespillt ginn. D'Veräiner sinn informéiert. (Les mesures des terrains ont été contrôlées. Les clubs ont été informés et doivent corriger les lignes incorrectes avant le début de la prochaine saison.)

10. C-Formatioun Arbitter

De Patrick Simonelli organiséiert e Cours fir den C-Schäin Arbitter vum 7.-9.Juli um INS. Ziel ass, dass all Veräin aktiv helleft Spiller ze rekrutéieren, déi vläicht keng Top-Carrière virun sech hunn oder schonns Fin-carrière sinn. E separate Bréif geet un au d'Veräiner per Email eraus. (Un cours "C" pour les arbitres sera organisé du 7 au 9 juillet. Une lettre séparée sera envoyée aux clubs.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 18. Abrëll um 18:15.